



Mierschwénger ausesat am Escher Déierepark !

De 16. September huet eis Equipe vun der Moiesfiddering net schlecht gestaunt wéi se am Kanéngerchers- an Hingergeheg **30! Mierschwénger** entdeckt hunn.

Do hat wuel ee keng Loscht oder keng Zäit méi no sengen Déieren ze kucken an huet dës ganz einfach skrupellos am Escher Déierepark entsuergt.

Entsuergt, dat heescht en huet se iwwert den Drot gehäit (1.80m héich!

Mer hate scho méi oft eenzel Kanengescher a Mierschwénger déi op dës Aart a Weis entsuergt gi sinn, bis elo hu mer dës Aktiounen net public gemaach, well mer net nach méi Leit op d'Iddi wollte bréngen wéi se hier Déiere kéinte lass ginn.

Als Déierepark hu mer eis als Ziel gesat d'Leit an d'Kanner ze sensibiliséieren fir respektvoll mat hiren Déieren an hirer Ëmwelt ëmzegen.

Dofir läit et an eiser Verantwortung de Public iwwert d'Konsequenze vun esou engem onverantwortlechen Handeln opzeklären, eis Opklärungsarbecht ze weisen an Alternativméiglechkeeten unzebidden.

Mëscht een sech strafbar wann een en Déier aussetzt?

Jo! Dem Gesetz no si Geldstrofen tëscht 251€ an 200.000€ festgeluecht a jee no Uerteel 8 Deeg bis zu 3 Joer Prisong.

Wat sinn d'Konsequenze fir den Déierepark am Fall wou Déieren an ee Geheg einfach bäigesat ginn?

Den Déierepark huet ee Populationsmanagement, inklusiv Gebuertekontroll an et ass kloer festgeluecht wien mat wem am Geheg soll sinn.

An deem Fall wou Déieren onkontrolléiert bäigesat gin, kënn et schnell zu Krankheeten, unerwünschte Gebuerten an Ongläichgewicht (Klappereien) an der Grupp.



Am Fall wou Déiere wéi hei an engem ganz schlechte gesondheetlechen Zoustand sinn, komme Veterinärskäschten dobäi.

Well net all Déiere kënnen um Park bleiwe a fir eng aartgerecht Haltung ze garantéiere müssen nei Plaze gesicht ginn, wat ee groussen Zäitopwand ass.

Wat kascht ee Mierschwéngchen?

Iert een sech een Déier zouleet ass de Käschtepunkt jo och eng Fro. Hei e puer allgemeng Informatioun wat esou ee Mierschwéngchen am Ënnerhalt kascht ouni d'Geheg an d'Uschaafungskäschten:

Fudder – 1.50 €/Dag/ Mierschwéngchen (547.50€ d'Joer)

Consultatioun beim Veterinär – 29€

Behandlung géint d'Milbe – 7.57 €

Kastratioun vun engem Bock – 80€

Waat kënnen mär als Déierepark ënnerhuelen?

Mer probéieren duerch Sensibiliséierungs- an Opklärungsarbecht d'Leit drop hinzeweise wat een alles brauch fir kënnen Mierschwéngche ze halen. Et muss een sech der Verantwortung bewusst sinn, iert een sech esou een Déier zouleet.



Leider ginn d'Mierschwéngche nach ëmmer als „Einsteigshaustier“ beschriwwen, esou guer a rezente Schoulbicher gëtt drop higewise wéi einfach et ass ee Mierschwéngchen ze halen. Daat as awer falsch!

Mierschwéngchersführerschäin



Am Déierepark kann een sech aschreiwe fir de Mierschwéngchersführerschäin ze maachen. Do léiert ee wat ee brauch fir ee Mierschwéngchen doheem ze halen.

Et as sècher sënnvoll wann där doriwwer nodenkt ärch oder äre Kanner esou een Déier unzeschafe fir d'éischt de Führerschäin ze maachen.

Méi Informatiounen dozou kritt där iwwer

deierepark@villeesch.lu

oder per Telefon um **2754-3752**

Wat maachen wann ech där ärt Déier wierklech net méi wëllt oder musst lass ginn?

Sollt där ärch decidéieren äert Déier net méi ze hale, kritt där Rot bei

www.deieren-an-nout.lu

info@deieren-an-nout.lu

Och firun oder bei enger Uschafung vun engem neien Déier këntt där Sie gären ëm Root froën.

Merci

Ech soen ärch Merci fir ären Interessi an d'Liesen, an der Hoffnung dass mer matt dësem Artikel d'Verantwortungsbewosstsinn vun all Eenzele kënnen fuerderen.

Ee Merci och un d'Associatioun vun „Déieren an Nout“ déi eis bei der Vermëttlung hëllefen, un eis Veterinären déi schnell reagéiert hunn an optimal Behandlungen gesicht hunn. Merci och d'Equipe vum Déierepark déi vill Aarbecht mam afänken a behandelen haten an hunn.

Responsabel vum „Escher Déierepark“

